N° 64 | SEPTEMBER 2023

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun September 2023

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Chorale
Cour grand-ducale
Crèche
Lucien BROSIUS
Viviane HEUSKIN
Daniel HOTTUA
Eric KARIER
Roger KOLBER
Tom LUCAS
Claude MALGET
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Laurent SCHILTZ

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Sidero

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun iergendwellecher Form matgeschafft huet.***


**GEMENG**


Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
- Nei Mataarbechterin 10
- Ëffentlechen Opruff fir Kandidaturen 13
- Programme des cours saison 2023 - 2024 14

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
- Aweiung STEP Fëschbech 16
- 20 Joer erfollegräich Zesummenaarbecht fir d'Regioun 18
- Aweiung Molkerei fir de Club des Jeunes 20
- Aweiung vum Interkommunalen Drénkwaasser-Reseau Filano - Eau 22
- Walowend 24
- Infoowend Mobilitéitscampagne 27
- Virowend vun Nationalfeierdag 28
- Den neie Conseil vun der Gemeng Fëschbech fir d'Jore 2023 bis 2029 30
- Kéidénger Brill 32


**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**


Aktivitéiten an der Schoul 36
Schoulfest 2023 56
Aktivitéiten am Kuebenascht 59
Aktivitéiten bei de Kueben 60


**WAT WAR LASS?**


Generalversammlung vun der Entente vun de Veräiner aus der Gemeng Fëschbech 68
Spargeliessen 68
1. Meefeier mat Generalversammlung vun de Schéisser Wiichtelcher 69
1. Mee an d'Generalversammlung vum Spuerveräin 69
Albinusfeier 70
Passage Schleck Gran Fondo 71
Uergelconcert an oppe Kierchen 72
Ausfluch vum Spuerveräin 74
Härläicheprozessioun Meesebuerg 75
Grillparty 76
Parfest 77
Jugendrallye 78
Ofschlussübung virun der Summervakanz 79
Kanddaf vum Prënz François 82


**REPORTAGE**


De Fléiepëlz 80


# Virwuert

Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus eiser Gemeng,

eng nei Mandatsperiode huet ugefaangen, an ech soen Iech Merci fir d' Vertrauen, wat Dir dem neie Schäffen- a Gemengerot den 11. Juni 2023 geschenkt hutt. D' Vereedegung vum neie Schäfferot, wor awer eréischt den 18. Juli um Inneministère mam Taina BOFFERDING, well et eng Incompatibilitéit beim Pitt Kirtz gouf, déi hien net konnt be- hiewen an esou säi Mandat als Member vum Gemengerot leider net konnt unhuelen. MERCI him an allen anere Kandidaten, déi mat an d'Walen gaan- ge sinn, an sech dem Wieler gestallt hunn. Ech si mer sécher, dass mer deen een oder anere vun Iech an enger Kommissioun erëmgesinn, wou Dir aktiv kënnt matschaffen. Eng Annonce fir sech bei den neie Kommissiounen anzeschreiwen, louch an ärer Bréifboîte respektiv dir konnt Iech op eisem Infoowend den 20. September am Veräinshaus, direkt mellen.



Den 18. Juli owes wor et dunn och esouwäit fir den neie Conseil op der Gemeng ze vereedegen. An dësem Blat stelle mir Iech den neie Conseil 2023-2029 och vir. Dee selwechten Owend huet de viregte Buergermeeschter Fränk DAEMS mir de Schlëssel vun der Gemeng offiziell iwwerginn. Him an deenen anere Conseilskollegen, déi net méi mat derbäi sinn, MERCI fir hir Aarbecht, déi si an de leschte Jore fir eis Gemeng geleescht hunn.

Et ass iwwert de Summer och riicht virugeschafft ginn. An zwou Conseilssëtzunge sinn d'Chargen nei verdeelt an éischt Decisioune getraff ginn. An der Schoul gouf alles preparéiert fir d'Rentrée 2023 (nei Biedem vum Cycle 2 an 3; nei Dëscher a Still, nei Iwwerdiech an d'Vergréisserung vun der Photovoltaik um Dach) an de Schoulbuet läit schonns méi laang bei de Familljen doheem. Ab der Rentrée wëlle mir och en elektresch bedriwwene Schoultransport ubidden an den neie Busarrêt zu Fëschbech „beim Schlass" geet a Betrib. Natierlech stinn och nach aner Projeten um Programm. D' Kläranlag zu Angelsbierg gëtt fäerdeg a mir mussen all eis Infrastrukturen PMR gerecht ëmbauen. Zu Fëschbech ginn d'„Rue du Berger" an d'„Rue St Nicolas" nei gemeet. Op der Gemeng deet sech och esou munches. Zwee „nei" Mataarbechter/in stelle mer Iech och hei am Blat fir. Ech kann awer elo hei net alles opzielen, dofir wäerte mir Iech konstant iwwert den Internet an eist Gemengeblat um Lafenden halen.

Eng Saach wëll ech awer nach uschwätzen: de Wandpark Miersch. Den ale Schäffen- a Gemengerot huet Iech vun Ufank un iwwert de Projet um Lafende gehalen. Am Dezember 2020 hu mir och iwwer 300 Ënnerschréfte vu besuergte Bierger entgéint geholl. Mir hate vill Reunioune mat de Ministèren a mam Bauhär an hunn eis Avisen ofginn. Mir hunn eis als Gemeng och juristesch berode gelooss, wat eis Méiglechkeete sinn, fir d'Nuisancë vun eisen Awunner, besonnesch deene vu Schous, esou geréng ewéi méiglech ze halen. Leider sinn der Gemeng hir Méiglechkeete begrenzt, esou kënne mir z.Bsp. als Administratioun kee Recours géint de Projet huelen, well mir keen „Interêt personnel et direct" hunn. Mir wäerten Iech awer weiderhin ëmmer um leschte Stand vum Projet halen. D'Commodoprozedur leeft nach an et ass nach, keng Baugeneemegung ausgestallt!

Ech wënschen Iech elo vill Freed beim Liese vun dëser 64ter Editioun a wëll Iech nach emol drun erënneren, dass de Schäfferot, genee ewéi bis ewell, ëmmer do ass, wann der Froen oder Remarquen hutt. Frot Iech einfach e Rendez-vous a mir schwätzen driwwer.

*Luss BROSIUS*
*Buergermeeschter*



# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 14 mars 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
BROSIUS Lucien, GROTZ Patrick – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent
TRAUSCH Claude - conseillers

Excusé: OLINGER Kevin – conseiller

Le conseil décide à l'unanimité de suspendre avec effet immédiat le projet de construction d'une nouvelle maison communale après avoir considéré les éléments suivants :

- le terrain à construire est limitrophe à un biotope ;
- l'infrastructure sur le site n'est pas adaptée (trafos POST & CREOS) ;
- le projet de construction en bois des forêts communaux s'est avéré plus cher que l'achat de bois non régional ;
- le parking actuel ne peut être utilisé comme emplacement pour l'installation de chantier ;
- les maisons historiques voisines risquent d'être endommagés lors des travaux ;
- le bourgmestre devrait accorder au moins 6 dérogations comme le projet ne respecte pas le règlement sur les bâtisses.

De Gemengerot huet eestëmmeg entscheet, fir de Projet fir en neit Gemengenhaus ze bauen op Eis ze leeën, nodeems Folgendes beduecht gouf:

- de Bauterrain grenzt un e Biotop;
- d'Infrastruktur um Site ass net gëeegent (Traffo POST & CREOS);
- fir de Projet mat Holz aus dem kommunale Bësch ze realiséieren huet sech als méi deier erwise wéi den Akaf vun Holz;
- den aktuelle Parking kann net als Plaz fir d'Installatioun vum Chantier benotzt ginn;
- déi historesch Nopeschhaiser riskéiere während den Aarbechte beschiedegt ze ginn;
- de Buergermeeschter misst op d'mannst 6 Derogatioune ginn, well de Projet d'Bautereglementer net respektéiert.





## Séance publique du conseil communal du 17 avril 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
BROSIUS Lucien, GROTZ Patrick – échevins ;
BETTENDORF Sven, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers

Excusé: BROSIUS Paul – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Madame Jessica Durieux, de Stegen est nommée fonctionnaire au groupe de traitement B1 sous-groupe administratif auprès de la commune de Fischbach après avoir réuni la majorité des suffrages.
2. Le conseil décide avec sept voix contre une (M. Olinger) de créer, pour les besoins du service technique, un poste à durée indéterminée et à tâche complète sous le statut du fonctionnaire communal, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique.
3. Le conseil arrête le règlement relatif à l'assainissement des eaux.
4. Le conseil approuve les titres de recettes portant sur un montant de € 864.239,41 pour 2022 et de € 1.606.290,32 pour 2023.
5. Le conseil arrête provisoirement le compte administratif 2021 avec un boni de € 3 203 821,09.
6. Le conseil arrête provisoirement le compte de gestion 2021 avec un boni de € 3 203 821,09.
7. Le conseil approuve le décompte relatif à la remise en état du chemin rural « Seitert » avec une dépense effective de € 212.701,89.

   a) Le conseil approuve le Pacte Nature signé entre l'État et la commune en date du 11 novembre 2021.

   b) Le conseil approuve la convention relative au fonctionnement du service régional conseil pacte nature du Natur- & Geopark Mëllerdall signé en date du 24 février 2022 entre la commune et le Natur- & Geopark Mëllerdall.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. D'Madamm Jessica Durieux vu Steeën gëtt mat enger Majoritéit vun de Stëmmen als Verwaltungsbeamten am Grupp B1 bei der Gemeng Fëschbech ernannt.
2. De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmme géint 1 (Här Olinger) fir am techneschem Déngscht e Posten als technesche Beamten am Grupp A2 ze schafen.
3. De Gemengerot hëlt en Oofwasserreglement un.
4. De Gemengerot heescht Einnamen iwwert € 864.239,41 am Joer 2022 an € 1.606.290,32 am Joer 2023 gutt.
5. De Gemengerot hellt provisoresch den administrative Konnt 2021 mat engem Bonus vun € 3.203.821,09 un.
6. De Gemengerot hellt provisoresch de Gestiounskont 2021 mat engem Bonus vun € 3.203.821,09 un.
7. De Gemengerot stëmmt den Décompte iwwert d'Astandsetzung vun dem Feldwee „Seitert". D'Ausgaben belafen sech op € 212.701,89.

   a) De Gemengerot stëmmt den Naturpakt, deen den 11. November 2021 tëscht Staat a Gemeng ënnerschriwwe gouf.

   b) De Gemengerot stëmmt den Accord iwwert d'Fonctionnement vum Service fir d'regional Berodung „Naturpakt", deen de 24. Februar 2022 tëscht der Gemeng an dem Natur- & Geopark Mëllerdall ënnerschriwwe gouf.

GEMENG

c) Le conseil ratifie la décision portant sur l'adoption des espèces végétales admises pour les nouvelles plantations communales en milieu urbain sur le territoire de la commune.

8. Le conseil approuve les crédits ordinaires supplémentaires suivants

   a) Remboursement de la taxe de cautionnement autorisations à construction : + € 20.000.-

   b) Eaux usées : Entretien et réparations : + € 20.000.-

9. Le conseil approuve les crédits extraordinaires supplémentaires suivants

   a) Apport en capital : Office social commun Larochette : + € 26,40

   b) Construction d'un abri au lieu-dit im Stappert à Angelsberg : + € 1.909,42

c) De Conseil ratifizéiert d'Entscheedung iwwer d' Planzenaarten, déi fir nei kommunal Gréngaanlagen am urbane Beräich vun der Gemeng erlaabt sinn.

8. De Gemengerot stëmmt folgend zousätzlech Kreditter fir regulär Ausgaben:

   a) Remboursement de la taxe de cautionnement autorisations à construction : + € 20.000.-

   b) Eaux usées : Entretien et réparations : + € 20.000.-

9. De Gemengerot stëmmt folgend zousätzlech Krediter fir ausseruerdentlech Ausgaben:

   a) Apport en capital : Office social commun Larochette : + € 26,40

   b) Construction d'un abri au lieu-dit im Stappert à Angelsberg : + € 1.909,42

# Séance publique du conseil communal du 3 mai 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ; BROSIUS Lucien, GROTZ Patrick – échevins ; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Huis clos : affaire du personnel

2. Le conseil approuve un projet de morcellement concernant des parcelles cadastrales à Angelsberg, rue de Mersch et appartenant à Sogim SA de Colmar-Berg.

3. Le conseil décide avec 6 voix pour et 2 contre d'émettre un avis dans le cadre de l'enquête de commodo et incommodo dans le cadre de l'exploitation d'un parc éolien et des postes de transformation dans les communes de Mersch et Lintgen. Cet avis peut être consulté sur

   *https://acfischbach.lu/info-zu-wandanlagen-um-rollengerbierg.*

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Hannert zouenen Dieren : Personalsaachen

2. De Gemengerot stëmmt enger neier Opdeelung vu Kadasterparzellen zu Angelsbierg an der Mierscherstrooss zou. D'Parzelle gehéieren der Firma Sogim SA vu Kolmer-Bierg.

3. De Gemengerot stëmmt mat 6 Stëmmen dofir an 2 dogéint en Avis am Kader vun der Kommodo/Inkommodo Prozedur zum Wandpark Miersch. Dësen Avis fannt Dir op

   *https://acfischbach.lu/info-zu-wandanlagen-um-rollengerbierg .*





# Séance publique du conseil communal du 17 mai 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ; BROSIUS Lucien, GROTZ Patrick – échevins ; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent - conseillers

Excusé: TRAUSCH Claude – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Vu l'état des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2022 présenté par le receveur communal portant sur € 8.481,42.-, le conseil admet en décharges € 1.498,84.- et accorde l'autorisation de poursuivre en justice les autres débiteurs.

2. Le conseil propose de réaffecter Madame PAPILLO Lara de Heffingen au poste 100% vacant d'institutrice à l'Angsber Schoul pour l'année scolaire 2023/2024.

3. Le conseil propose de réaffecter Madame WEBER Claire de Blaschette au poste vacant 70% d'institutrice à l'Angsber Schoul pour l'année scolaire 2023/2024.

4. Ouï les explications de Madame Sarah Kolber, présidente du comité d'école, le conseil arrête provisoirement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2023/2024.

5. Le conseil approuve le Plan d'Encadrement Périscolaire 2023/2024 établi par l'équipe pédagogique

6. Le conseil approuve les titres de recettes portant sur un montant de € 7.169,18 pour 2022 et € 1 413 588,48 pour 2023.

7. Le conseil approuve le Projet d'Aménagement Particulier « auf dem Bechel » à Angelsberg dans sa version finale avec 5 voix pour et 3 contre (Paul Brosius, Kevin Olinger et Laurent Schiltz).

8. A huis clos : affaire du personnel.

9. Le conseil accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de consulter un avocat compétent en la matière afin de pouvoir ester en justice contre les enquêtes de commodo et incommodo, ainsi que les autorisations de bâtir des communes de Lintgen et de Mersch dans le cadre de l'exploitation du Wandpark Miersch.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Op Grond vum Restantenetat iwwer € 8.481,42 vum Joer 2022, de vum dem Receveur virgestallt gouf, gëtt de Gemengerot eng Decharge fir € 1.498,84 a gëtt d'Erlabnis déi aner Scholden iwwert d'Geriicht anzedreiwen.

2. De Gemengerot schléit fir d'Schouljoer 2023/2024 d'Madamm PAPILLO Lara vun Hiefenech op de fräie Posten (100%) vum Enseignant an der Angsber Schoul ze nennen.

3. De Gemengerot schléit fir d'Schouljoer 2023/2024 d'Madamm WEBER Claire vun Hiefenech op de fräie Posten (70%) vum Enseignant an der Angsber Schoul ze nennen.

4. No den Erklärunge vun der Madamm Sarah Kolber, Presidentin vum Schoulcomité, hält de Gemengerot déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2023/2024 fest.

5. De Gemengerot stëmmt de plan d'encadrement périscolaire 2023/2024, dee vum pedagogescher Équipe ausgeschafft gouf.

6. De Gemengerot genehmegt Einnaame fir e Montant vun € 7.169,18 fir 2022 an € 1.413.588,48 fir 2023.

7. De Gemengerot stëmmt de PAP „auf dem Bechel" zu Angelsbierg a senger definitiver Versioun mat 5 Stëmmen dofir an 3 dogéint (Paul Brosius, Kevin Olinger a Laurent Schiltz).

8. Hannert zouenen Dieren : Personalsaachen

9. De Gemengerot gëtt dem Schäfferot d'Erlabnis fir sech vun engem Affekot beroden ze loossen, fir géint de Wandpark Miersch virzegoen am Kader vun der Kommodo/Inkommodo-Prozedur an de Baugenehmegunge vun de Gemenge Lëntgen a Miersch.

# Séance publique du conseil communal du 29 juin 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
BROSIUS Lucien, GROTZ Patrick – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
SCHILTZ Laurent - conseillers

Excusé: OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude – conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Le conseil décide de reconduire pour l'année 2024 le même taux de l'impôt commercial, à savoir 300 %.

2. Le conseil décide de reconduire pour l'année 2024 les mêmes taux de l'impôt foncier.

3. Le conseil approuve un crédit supplémentaire de € 2.500.- pour fournitures d'entretien pour véhicules.

4. Le conseil approuve un nouveau crédit de € 15.000.- au budget extraordinaire de l'exercice 2023 pour la réfection d'une partie du trottoir rue Grande-Duchesse Charlotte à Fischbach.

5. Pour l'acquisition d'une remorque transporteur de vélos pour les besoins de l'école fondamentale et de la Maison relais à Angelsberg, le conseil approuve un nouveau crédit de € 5.200.- à inscrire au budget extraordinaire de l'exercice 2023.

6. Le conseil approuve un nouveau crédit de € 20.000 du budget extraordinaire de l'exercice 2023 pour des travaux d'adaptation au réservoir d'eau Schoos ».

7. Le conseil décide de reclasser du domaine public dans le domaine privé de la commune, la parcelle cadastrale 23/1604 à Angelsberg, afin de pouvoir la céder à Messieurs Emile et Camille Weis dans le cadre d'une cession gratuite d'emprises.

8. Le conseil approuve une cession gratuite de trois places voiries sises à Fischbach, rue Grande Duchesse Charlotte et Im Batz, par la société Unik Capital GP.

9. Le conseil approuve une convention d'échange entre la commune et l'Administration des Biens du Grand-Duc.

10. Le conseil approuve la convention relative à la mise à disposition des locaux « Molkerei » au Club des Jeunes Angelsbierg asbl.

11. Le conseil approuve la convention relative au Club Uelzechtdall pour l'année 2023.

12. Le conseil approuve le contrat de travail à durée indéterminée comme salarié à tâche manuelle signé avec Monsieur Marc Wampach de Mersch.

13. Le conseil approuve le contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen-Isekin, de Fischbach pour un remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

14. Le conseil ratifie un concept de communication élaboré en collaboration avec le conseiller climat, Madame Carine Kolber.

15. Monsieur Dan Hottua, fonctionnaire communal, est nommé à la commission micro-informatique du SIGI.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot décidéiert fir d'Joer 2024 de Steiersaz vun 300% fir den Impôt commercial bäi ze halen.

2. De Gemengerot entscheet am Joer 2024 déi selwecht Tariffer fir d'Grondsteier ze behale wéi d'läscht Joer.

3. De Gemengerot stëmmt en zousätzleche Kredit vu € 2.500.- fir Material fir d'Gefierer.

4. De Gemengerot stëmmt en neie Kredit vu € 15.000.- am ausseruerdentleche Budget fir en Deel vum Trottoir an der rue Grande-Duchesse Charlotte zu Fëschbech ze flécken.

5. Fir d'Uschafung vun engem Unhänger, fir Vëloen fir d'Grondschoul an d'Maison relais zu Angelsbierg ze transportéieren, genehmegt de Gemengerot e neie Kredit vu € 5.200.-.

6. De Gemengerot stëmmt en neie Kredit vun € 20.000.- am ausseruerdentleche Budget wéinst Aarbechten um Waasserbehälter zu Schous.

7. De Gemengerot entscheet d'Kadaster Parzell 23/1604 zu Angelsbierg vum Domaine public an de Privatbesëtz vun der Gemeng ëm ze klasséieren, fir des kënnen den Hären Emile a Camille Weis ze iwwerloossen als Tosch zu engem Begehungsrecht.

8. De Gemengerot hëlt gratis dräi Stellplazen, laanscht Stroossen rue Grande Duchesse Charlotte an Im Batz zu Fëschbech, vun der Firma Unik Capital GP un.

9. De Gemengerot erlaabt en Tosch tëscht der Gemeng an der Administration des Biens du Grand-Duc.

10. De Gemengerot stëmmt d'Konventioun, fir dass d'Club des Jeunes Angelsbierg asbl d'Reimlechkeete vun der aller Molkerei gratis notzen dierf.

11. De Gemengerot hëlt d'Konventioun Club Uelzechtdall fir d'Joer 2023 un.

12. De Gemengerot stëmmt dem Aarbechtskontrakt mam Här Marc Wampach vu Miersch als Gemengenaarbechter zou.

13. De Gemengerot heescht de Vertrag mat der Madame Sandra Vaessen-Isekin vu Fëschbech, als Ersatzbegleedung am Schoulbus, gutt.

14. De Gemengerot ratifizéiert e Kommunikatiounskonzept, dat mat der Klimaberoderin, der Madame Carine Kolber ausgeschafft gouf.

15. Den Här Dan Hottua, Gemengebeamten, gëtt an d'commission micro-informatique" vum SIGI ernannt.

## Lotissement de terrains

Le conseil communal de la commune de Fischbach a délibéré, conformément à la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, article 29 (1) paragraphes 4 et 5, sur les demandes de lotissement de terrains comme suit :

| Date de la séance | Demande introduite par | Section cadastrale | N° des parcelles | Adresse | Nombre de lots décision | Décision |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 54/1628 | 2A, rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 54/1627 | 4A, rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 54/1626 | 4, rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 53/1625 | 6, rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 46/1624 | 8 et 10 rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 46/1619 | Chemin communal | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 46/1622 | Chemin communal | 1 → 2 | approuvé |
| 03.05.2023 | AC Fischbach | E d'Angelsberg | 46/1621 | Rue de Mersch | 1 → 2 | approuvé |

*Lesdites délibérations ont été publiées et affichées en bonne et due forme aux endroits usités.*



## Nei Mataarbechterin

Zënter dem 1. Oktober 2022 schafft d'Viviane Heuskin als Gemengesekretär op der Fëschber Gemeng.

## Neie Gemengenaarbechter



Op sengem éischte Schaffdag, de 15. Juni 2023, huet den deemolegen Schäfferot dem Marc Wampach e gudde Start als Gemengenaarbechter gewënscht.







ZESUMME FIR IECH
WWW.POLICE.LU
POLICE LËTZEBUERG

Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark



© Claudine Bossler

KIERFCHEN

## Kierfchen.lu – die neue Bongerten-Plattform

- Für Streuobstwiesenbesitzer, Konsumenten, lokale Produzenten, Restaurants und Imker
- Umfasst Angebote und Nachfragen rundum Streuobst, Aktivitäten, Erntemaschinen und vielem mehr
- Interaktive Karte der Region Mëllerdall mit Anzeigen von Bietenden und Suchenden

## Kierfchen.lu – la nouvelle plateforme des vergers (en allemand)

- Pour les propriétaires de prés-vergers, les consommateurs, les producteurs locaux, les restaurants et les apiculteurs
- Comprend les offres et les demandes de fruits, d'activités, de machines de récolte et bien plus encore
- Carte interactive de la région du Müllerthal avec des annonces d'offreurs et de demandeurs

Website

Info

NATURA 2000 COPIL Mëllerdall

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

www.geopark-mellerdall.lu

naturparkmellerdall | naturpark.lu | Naturparke Luxemburg



Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Géoparc mondial

# ËFFENTLECHEN OPRUFF FIR KANDIDATUREN

Den Natur- & Geopark Mëllerdall lancéiert en ëffentlechen Opruff fir Kandidature fir d'Erneierung vu senger Commission consultative.

Dës Kommissioun ass en Ambassadeur a Multiplikator fir d'Missiounen a Projete vum Natur- & Geopark. Si bitt eng Plattform, wou iwwer Projete vum Natur- & Geopark kann informéiert an diskutéiert ginn an si gëtt en Avis zum Budget of.

Dësen Appell adresséiert sech laut Règlement grand-ducal du 17 mars 2016 portant déclaration du Parc Naturel du « Mëllerdall »:

- u lokal a regional Interessensgemeinschaften aus dem Domaine vun der Landwirtschaft, dem Tourismus, de PME, dem Natur- an Ëmweltschutz, der Kultur, dem Urbanismus an der Energie an u privat Associatiounen déi am Interêt vun den Ziler vum Natur-& Geopark schaffen souwéi
- un d'Awunner vun de Membersgemenge Bäerdref, Bech, Beefort, Iechternach, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Konsdref, Noumer, Rouspert-Mompech, Waldbëlleg an dem Bäitrëttskandidat Reisduerf,

déi interesséiert sinn an dëser Kommissioun matzeschaffen.

D'Kompositioun, d'Missiounen an de Fonctionnement vun der Kommissioun ginn duerch dat genannte Reglement definéiert.

Op Basis vun den agereechte Kandidaturen nominéiert de Comité vum Natur- & Geopark Mëllerdall d'Memberen.

Schrëftlech Kandidaturen fir dëse benevollen Engagement solle virum 15. Oktober 2023 un de Bureau vum Natur- & Geopark Mëllerdall geschéckt ginn, 8, rue de l 'Auberge, L-6315 Beaufort (E-mail: info@naturpark-mellerdall.lu, Tel: 26 87 82 91). Fir weider Informatiounen kënnt Dir Iech per E-mail oder Telefon un eis wenden.

# PROGRAMME DES COURS SAISON 2023 - 2024

**Luxembourgeois débutants A. 1.2 - soir**
**LA-LB-306**
Pas de connaissances requises
Lieu : Centre culturel Fraïhof -
3a rue de la Montagne, L-6586 Steinheim
Date : 2x Sem. – les mardis et jeudis –
Du 26 septembre 2023 au 25 janvier 2024
Horaire : 19h00 à 21h00
Prix : 180 euros – 60 heures – 15 semaines
Formatrice : Maggy Lamesch

**Luxembourgeois débutants A.2.1 – soir**
**LA-LB-311**
Connaissances requises
Lieu : Maison régionale – 9 rue André Duchscher
L-6434 Echternach
Date : 2x Sem. – les lundis et mercredis –
Du 25 septembre 2023 au 24 janvier 2024
Horaires : 19h à 21h
Prix : 180 euros – 60 heures
Formatrice : Maggy Lamesch

**Luxembourgeois débutants A.1.1 – mati**
**LA-LB-309**
Pas de connaissances requises
Lieu : Jugendhaus - 21 rue Hoovelecker
Buurchmauer, L-6418 Echternach
Date : 2x Sem. – les mardis et jeudis –
Du 26 septembre 2023 au 25 janvier 2024
Horaire : 10h à 12h
Prix : 180 euros – 60 heures – 15 semaines
Formatrice: Lydia Thommes

**Luxembourgeois avancés B.1.1 – soir**
**LA-LB-313**
Connaissances requises
Lieu : Apprentissage à distance en visioconférence
Date : 1x Sem. – le mercredi –
Du 4 octobre 2023 au 10 juillet 2024
Horaire : 19h à 21h
Prix : 180 euros – 60 heures – 30 semaines
Formateur: Hubert Schaul

**Français débutants A.1.1 – matin**
**LA-FR-366**
Pas de connaissances requises
Lieu : Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurch-mauer, L-6418 Echternach
Date : 3X Sem. – les lundis, mercredis et jeudis –
Du 25 septembre au 7 décembre 2023
Horaire : 8h à 10h
Prix : 180 euros – 60 heures – 10 semaines
Formatrice : Cécile Liket

**Français débutants A.2.1 – matin**
**LA-FR-369**
Connaissances requises
Lieu : Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker
Buurchmauer, L-6418 Echternach
Date : 2x Sem. – les mardis et vendredis –
Du 26 septembre 2023 au 26 janvier 2024
Horaire : 8h à 10h
Prix : 180 euros – 60 heures – 15 semaines
Formatrice : Cécile Liket

**Français débutants A1.1 – soir**
**LA-FR-373**
Pas de connaissances préliminaires requises
Lieu : Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurch-mauer, L-6418 Echternach
Date : 2x Sem. – les mardis et jeudis – du 26 sep-tembre 2023 au 25 janvier 2024
Horaires : 19h à 21h
Prix : 180 euros – 60 heures – 15 semaines
Formatrice : Philippe Thomas

**Français débutants A1.1 – matin**
**LA-FR-375**
Pas de connaissances préliminaires requises
Lieu : Centre culturel Kummelsbau,
13 rue Kummel, L-6310 Beaufort
Date : 2x Sem. – les mardis et jeudis –
Du 26 septembre 2023 au 25 janvier 2024
Horaires : 10h à 12h
Prix : 180 euros – 60 heures – 15 semaines
Formatrice : Philippe Thomas

**INSCRIPTIONS EN LIGNE SUR WWW.MECASBL.LU – PAGE FORMATION**

Informations :
MEC asbl - 9 rue André Duchscher
L-6434 Echternach
Tél: 26 72 00 35 - Email: info@mecasbl. lu
www.mecasbl.lu

Les cours de langues sont organisés en collabo-ration avec la Landakadémie et le Ministère de l'Education Nationale.





**Anglais débutants A1.1 – matin**
**LA-EN-37**
Pas de connaissances préliminaires requises
Lieu : Centre culturel Fraïhof –
3a rue de la Montagne, L-6586 Steinheim
Date : 1x Sem. – le lundi –
Du 25 septembre 2023 au 1er juillet 2024
Horaires : 10h à 12h
Prix : 180 euros – 60 heures – 30 semaines
Formatrice : Philippe Thomas

**Anglais conversation – matin**
**LA-EN-38**
Pas de connaissances préliminaires requises
Lieu : Centre culturel Fraïhof –
3a rue de la Montagne, L-6586 Steinheim
Date : 1x Sem. – le mercredi –
Du 28 septembre 2023 au 3 juillet 2024
Horaires : 10h à 12h
Prix : 180 euros – 60 heures – 30 semaines
Formatrice : Philippe Thomas

**Zumba**
Inscriptions pour la période septembre 2023 à juillet 2024
Larochette :
Lieu : Centre sportif Filano –
Plateau Birkelt L-7633 Larochette
Date et horaire : chaque lundi à partir
du 18 septembre 2023 de 19h à 20h
Prix : 215 euros
Formatrice : Mireille, instructrice diplômée de Zumba

Steinheim :
Lieu : Centre culturel Fraïhof –
3a rue de la Montagne L-6586 Steinheim
Date et horaire : chaque mardi à partir
du 19 septembre 2023 de 19h à 20h
Prix : 215 euros
Formatrice : Mireille, instructrice diplômée de Zumba



# Aweiung STEP Fëschbech

**28.04.2023 FËSCHBECH**

**Dir erënnert Iech, den 11. Juni 2020 gouf wärend der CORONA Pandemie zu Fëschbech, an der rue du berger, nieft dem Millebierg, den éischte Spuedestéch (Gemengeblat August 2020) vun der neier Fëschbecher Kläranlag a klengem Krees a mat Masque ofgehalen. Dëst a Presenz vu S.A.R. dem Prënz Guillaume an der deemoleger Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.**

Contrairement zu deemools konnten des Kéier, um Freideg Moie vum 28. Abréll 2023 weesentlech méi Leit un der Aweiung vun der elo färdeger Kläranlag Deel huelen. D'Pandemie ass keen Thema méi.

Fir elo an all technesch Detailer vun der neier Infrastruktur wëllen anzegoen ass dëst net déi richteg Plaz. Duerfir hat d'Gemeng Fëschbech an Zesummenaarbecht mam SIDERO awer den Dag no der Aweiung eng Porte ouverte ugebuede wou all d'Awunner aus der Gemeng sech e Bild vun der Technik a vum neie Bauwierk konnte maachen, wouvun och eng Rei interesséiert Leit profitéiert hunn.

Wëll et immens wichteg ass och de folgende Generatiounen de Wäert vu geklärtem Ofwaasser ze verdäitlechen hat d'Gemeng Freides Mëttes och d'Angsber Schoul op eng Visitt invitéiert. Eng Rei Schoulklasse mat hire Jofferen hu profitéiert fir ënner fachmännescher Leedung d'Aarbechtsweis vun der neier Anlag erkläert ze kréien a kruten donieft nachemol e Rappell wat definitiv net an d'Toilette däerf fléien! E Rappell, dee sécher och bei villen Erwuessene vun Zäit zu Zäit ubruecht wär.

Als Vertrieder vun der Ëmweltministesch huet den André Weidenhaupt vum Ëmweltministère e puer Wuert un d'Invitéë geriicht ier zesummen den traditionelle roude „Start-Knäppchen" vum SIDERO gedréckt gouf an d'Anlag hirer Bestëmmung iwwergi gouf.

E puer Eckdaten zur Anlag: d'Ofwaasser vun den Uertschafte Schous a Fëschbech gëtt hei gekläert / zur Anlag gehéieren och déi béid Reeniwerlaafbecke vu Schous a Fëschbech / dës biologesch Kläranlag huet eng Kapazitéit vun 1000 EW









(Einwohnergleichwerte) / d'Anlag huet e Belebtschlammverfahren mat engem Beckenvolume vun 430m3, een Nachklärbecken mat engem Beckenvolume vun 206m3 an e Schlammstapelbehälter mat engem Volume vun 250m3 / Käschtepunkt vun der neier Fëschbecher Kläranlag läit bei ronn 4,7 Mio. € wou vum Bau, iwwer den Equipement, d'Honorairen, d'Assurancen, d'Photovoltaïk-Anlag a souguer de Réckbau vun der aler Kläranlag mat abegraff sinn.

E spezielle Merci seet d'Gemeng Fëschbech op dësem Wee nachemol dem Groussherzoglechen Haff fir d'Vente vum Bauterrain, dem Ofwaassersyndikat SIDERO mat alle Bedeelegten, dem Ëmweltministère an der ANF grad wéi de Famillen Trausch a Vaessen vu Fëschbech fir d'Kooperatioun an natierlech den Awunner aus der rue du berger fir hir Gedold wärend der Bauphas.

*Fränk DAEMS*





# 20 Joer erfollegräich Zesummenaarbecht fir d'Regioun

## Wa Gemengen a Veräiner d'Regioun zesumme weiderbréngen

**28.04.2023 IECHTERNACH**

**De 27. Abrëll 2023 huet d'LEADER-Grupp „Regioun Mëllerdall" hir 20 Joer Bestoen zu Iechternach am Trifolion gefeiert.**



A Präsens vum Minister Claude Hagen a vun de Vertrieder vun de Member-Veräiner a Gemenge genee wéi weider Vertrieder vun de betraffene Ministèrë gouf op der Feierlechkeet de Réckbléck op déi vergaangen 20 Joer gemaach. Virsiichteg gouf awer och den Ausbléck op déi nächst Leaderperiode gewot. Zenter 2003 di sech Veräiner a Gemengen aus der Mellerdallregioun zesummen, fir un der europäescher LEADER-Initiativ deel ze huelen an esou innovativ Projete fir d'Regioun aus ze schaffen an ze ënnerstëtzen. An dësen 20 Joer sinn, vill flott Initiativen ergraff ginn, déi och nach haut, no hirer Lafzäit beim LEADER, e festen a wäertvolle Bestanddeel vun der Regioun Mëllerdall sinn. Och an der nächster Leader-Periode 2023-2029 leit de Fokus weider op dem „Zesummen". Méi als Regioun zesumme wuessen, sech besser kenneléieren an dëst andeem lokal Projeten vu Veräiner a Gemengen des Kéier e besonnesch wichtege Rôle spille sollen. Hei sinn also esouwuel d'Bierger wéi awer och d'Gemengevertrieder gebieden hir Iddien dem Leaderbureau mat ze deelen a ggf. esou en Deel vun der LEADER-Regioun ze ginn.




Den 20ten Anniversaire war och eng Aart symbolesche Startschoss vun den neier Leaderperiod iwwer déi een sech deemnächst am Detail op mu.leader.lu kann informéieren.

Projeten déi och no hirer Leader-Lafzäit bestinn an och vun eise Bierger genotzt ginn:

- De Mullerthal Trail
- De Mediatiounsservice vun der MEC a.s.b.l.
- De Projet Super Senior vun der MEC a.s.b.l. dee schonn iwwert d'Grenze vun der Regioun bekannt ass
- Holz vun hei
- Marketing an d'Promotioun vun de regionale Produkter duerch d'Initiative vu „Mëllerdaller Produzenten a.s.b.l."
- An net ze vergiessen, d'Grënnungsgeschicht vum Natur- & Geopark Mëllerdall ass och enk mat der LEADER-Initiativ verbonnen.

**Wat ass LEADER?**
LEADER ass eng Initiativ vun der Europäescher Unioun déi fir „Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale" steet. No dëser Definitioun ass et d'Ziel eng Verbindung tëscht Projeten a wirtschaftlechen Akteuren am ländleche Raum ze fërderen an ze kreéieren. Et ass also d'Zil, d'Awunner, d'Veräiner, d'Gemengen, Betriber an der Regioun duerch Projeten z' ënnerstëtzen an ze mobiliséieren, dass no dem Prinzip vum Bottom-up d'Regioun sech wieder kann entwéckelen.



| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# *20 ans de coopération réussie pour la région*

***Quand les communes et les associations font avancer la région ensemble.***

***Le 27 avril 2023, le groupe LEADER „Mëllerdall Region" a fêté ses 20 ans au Trifolion à Echternach.***

*En présence du ministre Claude Hagen et des représentants des associations et communes membres, ainsi que des représentants des ministères concernés, le groupe LEADER a fait le bilan de ses 20 dernières années. Les perspectives ambitieuses pour la prochaine période ont également été projetées avec une certaine prudence étant en l'attente de la nouvelle loi y relative. En 2003, les associations et communes de la région de Mëllerdal se sont réunis pour participer à l'initiative européenne LEADER pour ainsi développer et soutenir des projets innovants pour la région. Au cours de ces 20 années, de nombreuses grandes initiatives ont été prises, qui aujourd'hui encore, après leur passage chez LEADER, sont toujours une base solide et précieuse de la région de Mëllerdall. Même au cours de la prochaine période LEADER 2023-2029, l'accent continuera d'être mis sur „l'unité". Grandir ensemble en tant que région et apprendre à mieux se connaître. Cette fois les projets locaux des associations et des communes devraient jouer un rôle particulièrement important. Ici, les citoyens et les représentants communaux sont invités à partager leurs idées avec le bureau du LEADER et ainsi faire partie de la région et de l'initiative LEADER.*

*Le 20e anniversaire a aussi été en quelque sorte le moment du lancement symbolique de la nouvelle période de leadership, dont vous pouvez découvrir prochainement le détail sur mu.leader.lu.*

*Des projets qui perdurent même après leur période LEADER qui sont toujours présents et pour les citoyens de la région:*

- *Le sentier Mullerthal Trail*
- *Le service de médiation de la MEC a.s.b.l.*
- *Le projet Super Senior de la MEC a.s.b.l. qui est aujourd'hui connu au-delà des frontières de la région*
- *« Holz vun hei » bois de la région*
- *Commercialisation et promotion des produits régionaux à travers l'initiative de "Müllerdaller Produzenten a.s.b.l."*
- *Et pour ne pas l'oublier, l'histoire fondatrice du Natur & Geopark Mëllerdall qui est également étroitement liée à l'initiative LEADER.*

*Sven BETTENDORF*

***LEADER, c'est quoi ?***
*LEADER est une initiative de l'Union Européenne qui signifie "Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale". Selon cette définition, l'objectif est de favoriser et de créer une connexion entre les projets et les acteurs économiques en milieu rural. L'objectif est donc d'accompagner et de mobiliser les habitants, les associations, les communes et les entreprises de la région à travers des projets, pour que le territoire puisse continuer à se développer selon le principe bottom-up.*



GEMENG

# Aweiung Molkerei fir de Club des Jeunes

**19.05.2023 SCHOUS**

**Historesch kéint een iwwer déi „al Molkerei" vu Schous, oder dat fréiert Hierdenhaus, op dëser Plaz Säiteweis Interessantes zesummeschreiwen. Fir awer de Kader net ze sprenge verweisen ech duerfir léiwer op d'Buch „100 Joer Pompjeeën an d'Gemeng Fëschbech" a beschränke mech op de Réckbléck bis an d'Joer 2009, dat Joer wou de Club des Jeunes Angelsbierg an dëst Gebai agezunn ass. Virdru ware si an der aler Spillschoul, do wou haut an zanter September 2011 d'Crèche „am Kuebennascht" dran ass, a woufir si och do hu misste wäichen.**

Hei an do gouf zanter hir mol un der Molkerei gepléischtert awer vill geschitt ass mat de Joren net, ausser dass dat aalt Gemaier ëmmer méi ongemittlech gouf. Direkt no de Walen 2017 hat dee leschte Schäfferot sech op de Fändel geschriwwen Neel mat Käpp punkto Ënnerstëtzung vun eiser Jugend ze maachen. An esou sollt et och sinn. Bal all d'Memberen aus dem leschte Gemengerot hunn dat och esou gesinn an domat de Projet matgedroen.

Déi éischt Iddi vun engem Neibau huet aus Käschtegrënn misste fale gelooss ginn. Eng Renovatioun huet awer an de Budget gepasst. An Ofsprooch mat de Responsabele vum Club gouf d'Gebai 2022 attackéiert mam Ziel et nach an der Mandatsperiod 2017-2023 fäerdeg ze kréien. An dat ass gegléckt. D'Biller schwätze fir sech!

E grousse Merci gëllt dobäi eise Jongen aus dem Gemengenatelier, déi nieft den Aarbechte vun de Corps de métiers vill an Eegeregie gemaach hunn, wëll si et einfach kënnen! All Respekt!

E Merci och un de Landwirtschaftsministère, deen am Kader vum Développement rural de Projet finanziell ënnerstëtzt an domat zum Erhale vum gesellschaftlechen Duerfliewe bäidréit.

Freides Mëttes den 19. Mee gouf déi renovéiert „al Molkerei" vum Kaploun Tristan Häcker geseent a gläich drop feierlech ageweit. Mat dobäi ënnert aneren Éieregäscht eisen Éierebuergermeeschter Charel Thilgen an d'Françoise Bonert vum Service du Développement rural vum Landwirtschaftsministère, a Vertriedung vun eisem Landwirtschaftsminister Claude Haagen, grad wéi d'Membere vum Club des Jeunes, d'Membere vun der Jugendkommissioun, déi direkt Nopere vun der Molkerei, d'Membere vum Schäffen- a Gemengerot an eist Gemengepersonal.

Nieft dem Buergermeeschter an dem Françoise Bonert huet natierlech och de President vum CDJ, Eric Karier, e puer Wuert un d'Invitéë geriicht. Hei e klengen Extrait aus senger Ried:

*„Ech si frou dass an dëser Legislaturperiod eppes geschitt ass a mir net vergiess gi sinn! No längerer Zäit ass eisen ale Clubsall an deem et oft kal an ongemittlech war zu engem schéinen neie Sall ëmgewandelt ginn. D'Jugend ass e wichtegen Deel an eiser Gesellschaft an de Club des Jeunes dréit een Deel zum Gemengeliewen an der Entwécklung vun eise Jonke Matbierger bäi. Och wa mir dësöfteren eis léif Nopere mat Kaméidi zu spéider Stonn gestéiert hunn, appelléiere mir als ganze Club drun, denkt drun, Dir waart och jonk! Iergendwann wäerte mir eis sécher och iwwert déi Jonk opreegen.*

*Ech wëll lo hei net laang schwätzen, duerfir wëlle mir allen Acteuren déi hei un der Renovatioun bedeelegt waren, a vrun allem de Gemengenaarbechter, e grousse Merci soen, mir si richteg houfreg op dat wat Dir eis hei zur Verfügung stellt, a wäerte gutt dorobber oppassen, wëll net all Club des Jeunes huet déi Chance esou e flotte Sall ze hunn!"*

Fir dass och gutt op dës renovéiert Raimlechkeeten opgepasst gëtt, gouf tëscht der Gemeng an dem Veräin eng Konventioun ënnerschriwwen déi verschidde Reegelen an Obligatiounen festhält. Bei engem Patt an engem Wupp vum Grill gouf dës kleng Feierstonn gemittlech ausklénge gelooss.

Fir allen Awunner aus eiser Gemeng dat renovéiert Clubhaus ze presentéieren hat de Club des Jeunes den 20. Mee op eng Porte ouverte invitéiert.

*Fränk DAEMS*















*„Proppert Drénkwaasser – eis wichtegst Ressource"*

# Aweiung vum Interkommunalen Drénkwaasser-Reseau Filano - Eau

**26.05.2023 MEESEBUERG**

**Zanter 2007 gouf tëscht de Gemenge Fëschbech – Fiels – Noumer un engem interkommunalen Drénkwaasser – Reseau geplangt. 2018 konnten d'Aarbechten dunn endlech ufänken, Mëtt 2022 konnt Waasser duerch ëischt Leitunge lafen an et konnten Testleef gemaach ginn. Ufank 2023 dann dee grousse Moment, dat neit interkommunaalt Drénkwaassernetz FiLaNo – Eau, iwwregens deen ëischten interkommunale Reseau zu Lëtzebuerg, konnt definitiv a Betrib goen.**

Bis dohinner war et awer e wäite Wee wëll nieft CORONA an enger ëmmer weiderdréinender Präisspiral hunn och eng ganz Partie administrativ Hürde mat den zoustännege Ministèren a Verwaltunge missten iwwerwonne gi grad wéi eng helle Wull vu Konventiounen hu misste mat de Propriétairë vu verschiddenen Terrains opgesat an ofgeschloss ginn.

22

**Mee firwat een interkommunalen Drénkwaasser -Reseau opbauen?**

Eis dräi Gemenge mat ronn 4900 Awunner, déi interkommunal scho gutt a vill zesummeschaffen, sinn Eegeversuerger am Drénkwaasser an deemno net un déi grouss national Waasserversuerger (wéi z.Bsp. SEBES) ugeschloss. Opgrond vun de Wuesstemsprognose klammen awer déi néideg Drénkwaasserquantitéite permanent. Donieft loossen d'Miessunge vun de Quellschüttungen an d'Observatioun vum Grondwaasserspigel vum Waasserwirtschaftsamt drop schléissen dass iwwer laang Dauer d'Potential vun eise Quelle wäert ofhuelen.

Sollt eng Gemeng donieft eng Verknaschtung a senger Quell feststellen, kann iwwert dësen neie Reseau séier proppert Waasser vun niewendrun bezu ginn. Ausserdeem kann eng Gemeng am Kader vun Aarbechten u Bauwierker, Leitungen oder Installatiounen an hirem Reseau wärend der Chantiersphas onproblematesch Drénkwaasser aus deem neie Reseau vum Noper bezéien.

E puer Eckdaten zum interkommunale Reseau:

- 15,5km Leitungslängt
- zentralen Héichpunkt: Drënkwaasserbassëng „op der Héicht" zu Schous (420m)
- d'Gemenge Fëschbech a Fiels si „Fournisseur" a bei Bedarf och „Preneur"



- d'Gemeng Noumer ass ausschliisslech „Preneur"
- d'Waasseraspeisung & Waasserentnaahm grad wéi d'Quantitéiten, d'Finanzéierung, d'Amortiséierung, de Käschteverdeelungs-Schlëssel: Fi 20% - La 50% - No 30%, d'Dauer vun der Konventioun, d'Rechter an d'Flichten aller Bedeelegten, etc. gëtt alles iwwer Konventioun gereegelt.
- Käschtepunkt: ronn 7,9 Mio. € subventionéiert zu 50% vum Ministère de l'Environnement du Climat et du Développement durable
- d'Gemeng Fëschbech huet de Lead vum Reseau esouwuel um administrative wéi och um technesche Plang.

De 26. Mee 2023, Freides Mëttes, gouf deen neie Reseau schliisslech zu Meesebuerg bei Dramwieder an a Präsens vu villen Éieregäscht, notamment S.A.R. de Prënz Guillaume an d'Ëmweltministësch Joëlle Welfring, senger Bestëmmung iwwerginn.

No de Rieden a Mercien un all Bedeelegt, goung et am Cortège vum Meesebuerger Schlass bei de Schacht „Säitert", d'Häerzstéck vum interkommunale Reseau. No der Seenung vum Paschtouer Felix Steichen gouf d'Bändchen duerchgeschnidde wéi et sech gehéiert an natierlech eng erfrëschend Schlupp aus deem neie Reseau geschmaacht!

E gudde Joergang an eng gutt Drëps, eist Drénkwaasser vun hei Heem, dobäi waren sech all Invitéen eens!

*Fränk DAEMS*





GEMENG

23









# Walowend

**11.06.2023 SCHOUS**

Nom Resultat um Walsonndeg, den 11. Juni 2023, hunn déi Neigewielten owes op e Patt op der Héicht invitéiert. A gemittlecher Ronn gouf mat Awunner aus der Gemeng Fëschbech an ënner anerem och de Kandidaten, déi sech fir d'Walen opgesat haten, gefeiert an deenen Neigewielte gratuléiert.

*Laurent SCHILTZ*









| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |























# Infoowend Mobilitéitscampagne

**20.06.2023 SCHOUS**

**„Sécher ënnerwee a menger Gemeng" huet de leschten Artikel am Kontext Mobilitéit am Fëschber Gemengeblat vun Abrëll 2023 sech genannt. An der Mobilitéitscampagne gouf d'Bierger*innebedeelegung an de Mëttelpunkt vum dësem kontinuéierleche Prozess gesat.**

Et gouf eng Ëmfro an e Workshop mat uschléissender Presentatioun vun de gesammelten Donneeë mam Bureau d'études Luxplan vum viregte Schäfferot organiséiert an duerchgefouert.

Elo ass et um aktuelle Schäfferot fir ofzeweien, wat fir Mesure prioritär solle realiséiert ginn, an dëst an Zesummenaarbecht mat de verschiddenen Acteuren, eise Matbierger*innen, de verschiddene Ministèren a Verwaltungen, wann déi schrëftlech Analyse mat de Mesuren bis virläit.

De Schäfferot schafft awer elo well drun, fir 30er Zonen a Kollaboratioun mat de Ponts et Chaussées auszeweisen, wann dëst méiglech ass an zu méi Sécherheet am ëffentleche Raum bäidréit.

Zudeem ginn d'Busarrêten no an no PMR (Personnes à mobilté réduite) -gerecht ugepasst an d'Foussgängeriwwerweeër ginn och reviséiert, fir eng besser Visibilitéit vun de Foussgänger ze garantéieren.

Den CR118, d'Haaptstrooss zu Angelsbierg, ass och an der Planungsphase, fir nei amenagéiert ze ginn. Eng Entrevue mat de Ponts et Chaussées steet elo u fir e.a. ze kucken, wat fir Méiglechkeeten et ginn, fir d'Vitesse erofzekréien op der laanger riichter Streck.

All d'Iddien a Wënsch brauchen hir Zäit fir an dem konkrete Kontext vu Reegelen, Virschrëften a Budgetsrahmen ëmgesat ze ginn. De Schäfferot ass oppe fir Virschléi an hofft weiderhin op är Ënnerstëtzung, fir sécher ënnerwee ze sinn an eiser Gemeng.

Är Iddien, Virschléi oder Bemierkungen zum Thema „ëffentlechen Transport" kënnt dir gär u college@acfischbach.lu oder dan.moura@acfischbach ramailen.

*fir de Schäfferot*
*Dan MOURA*
*1. Schäffen*





# Virowend vun Nationalfeierdag

**22.06.2023 SCHOUS**

**Ewéi all Joer hunn sech d'Leit aus der Gemeng um Virowend vun Nationalfeierdag getraff fir ze feieren. Am Cortège mat un der Spëtzt de Pompjeeën, ass et an Kierch gaangen, wou de Paschtouer Tristan Hecker eis empfaangen huet. Nom Te Deum wor eng Gedenkminutt beim Krichsmonument, wou och d'Heemecht gesonge ginn ass.**

Am Veräinshaus op der Héicht ass et du mat Riede vum alen a neie Buergermeeschter weidergaangen. Natierlech dierfen op esou engem Dag och déi sëllegen Éierungen net feelen.

Dëst Joer hate mer nees eng ganz Rei Sportler, déi erfollegräich waren:

- D'Nahima Durrer huet am Karate de Nationale Championnat 2022 am U12 (+40Kg) gewonnen.
- Den Eric Durrer huet och am Karate 2022 d'Coupe Internationale de Kayl gewonnen.
- De Ramon Hamm gouf 2022 am Billard Champion de Luxembourg – Div. Nationale- "Interclubs 3 Bandes".
- De Mike Weyrich huet 2022 de Wanter-Championnat bei de Junioren am 1500m a 400m Freestyle gewonnen.
- De Chris Rodesch huet 2022 ënnert dem Capitain Gilles Muller am Lëtzebuerger Davis Cup Team gespillt am Tennis.
- D'Joanne Rodesch an d'Mara Reding si geéiert ginn, well si zwee waren 2022 am Kader vun der Lëtzebuerger U19 am Dammen Handball.

Awer och eng Schoulklass konnt sech feiere loossen. De Cycle 4.2 ass nämlech op der Schoulfoire an der Stad déi beweeglechst Klass aus dem Land ginn. D'Gemeng huet si dofir mat speziell gravéierte Bidone geéiert.

Dëst Joer konnte mer dann och e spezielle Cadeau un de Schrëftsteller Pit Schlechter iwwerreechen, dee mat sengem Buch "De Fléiepëlz" de Lëtzebuerger Buchpräis gewonnen huet. An dësem Gemengeblat gitt dir nach méi iwwert de Pit a säi Buch gewuer.

No den Éierungen an de Rieden ass den Owend bei engem Patt an en engem gudde Maufel ausklénge gelooss ginn.

*Luss BROSIUS*


































# Den neie Conseil vun der Gemeng Fëschbech fir d'Jore 2023 bis 2029

Den 18. Juli 2023 ass den neie Conseil vun der Gemeng Fëschbech vereedegt ginn. Moies wor den neie Schäfferot um Inneministère fir den Eed bei der Inneministesch ofzeleeën. Owes wor et dunn un den neie Conseilsmemberen, fir den Eed op der Gemeng zu Fëschbech ofzeleeën.



*« Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité »*



1 Rei: Kevin Olinger, Marianne Brosius-Kolber, Isabel Fernandes, Lucien Brosius, Laurent Schiltz, Marc Simon
2 Rei: Daniel Moura, Eric Durrer, David Jaworski













| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Kéidénger Brill

**Ee Biotope verännert sech ob länger Zäit stänneg, wëll déi natierlech Sukzessioun net opzehalen ass. Dofir ass et wichteg verschidde Biotope regelméisseg ze fleegen, andeems een der natierlech Sukzessioun net ëmmer fräie Laf léisst. Am Schilf kommen nämlech matt der Zäit Sträich an Beem (virun allem Elleren a Weeden) op an iwwerwuessen de Schilf, deen domadder zréckgedrängt gëtt. Well awer vill Vullenaarten de Schilf fir ze bréie brauchen (z.Bsp de gesträifte Jäizert, de Klenge an de Grousse Jäizert), ass et hei wichteg déi Beem a Sträich reegelméisseg erauszehuelen. De Schilf gëtt deemno esou entbuscht.**

Och d'Grossseggenried (Fotoen) soll reegelméisseg geméint ginn well och hei déi natierlech Sukzessioun soss antrëtt an déi typesch Aarte mat der Zäit verdrängt. Grossseggenrieder si gepräägt duerch grouss Seggen déi entweder an Horsten oder flächeg wuessen. Dotëscht wuesse Kraider wéi z.B. verschidde Peffermënzaarten oder Schachtelhalmer an aner Héichstauden.

Dës Arbechte gin natierlech all no der Reproduktiounszäit vun den Déiere gemaach, also am beschten ab September bis November.

Des Moossname si Bestanddeel vum Managementsplang dee fir d'Naturschutzgebitt Kéidénger Brill entworf gouf.

D'Naturschutzgebitt Kéidénger Brill – Supp ass och elo définitive klasseiert gin. Et ass 158,60 ha grouss an ass am Légilux ënnert: Règlement grand-ducal du 1er mars 2023 déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle, la zone humide « Kéidénger Brill - Supp », sise sur les territoires des communes de Larochette, Heffingen, Fischbach et Junglinster ze fannen. De Brill ass an 2 Zonen agedeelt, an je no Zone ass am Règlement erklärt wat do net mei duerf gemet gin. Ennert Anerem falen hei z.Bsp drénner dat en natierlech keen Dréck duerf eweg geheien oder Biotopen zersteieren, awer och keng wëll Déieren duerf steieren oder fänken, Drainage léen, Leitunge léen, den Hond muss an der Léngt sin, düngen an Pestiziden sin verbueden, et duerf keen Nadelholz do geplanzt gin asw.

*Oli MOLITOR*









GEMENG



Service Régional de
# MÉDIATION DE VOISINAGE

## Huet Dir Sträit mam Noper?

**NACHBARSCHAFTS-STREIT?**
**UN CONFLIT DE VOISINAGE?**

Service gratuit
Confidentialité garantie!

Gratis-Service
Vertraulichkeit gewährleistet!

**INFOS:**

MEC asbl mouvement pour l'égalité des chances ... pour tous!

**www.mecasbl.lu**

**SERVICE RÉGIONAL CONVENTIONNÉ AVEC LES COMMUNES :**
DU MULLERTHAL : BEAUFORT, BECH, CONSDORF, ECHTERNACH, FISCHBACH, LAROCHETTE, ROSPORT-MOMPACH
DE LA MOSELLE: BETZDORF, LENNINGEN, MONDORF-LES-BAINS, MERTERT, REMICH, STADTBREDIMUS, WALDBREDIMUS.

Contactez le service de Médiation de Voisinage:
Rufen Sie den Nachbarschafts-Mediations-Dienst an:

**26 72 00 35**

info@mecasbl.lu

kacom.lu | Illus: adobe.stock.com VectorRocket


# VIRDRU REAGÉIEREN!



**AN ZESUMMENAARBECHT MAM CGDIS, GËTT DE COURS**
**SICHERHEIT UND UNFALLVERHÜTUNG IM ALLTAG**
**BEI EIS ORGANISÉIERT.**

| | |
|---|---|
| **WOU:** | Veräinshaus 7, op der Heicht L-7475 SCHOOS |
| **WÉINI:** | 17.10. + 24.10. + 07.11. + 14.11.2023 |
| **AUERZÄIT:** | 18h00 - 22h00 |

**INFORMATIOUNEN IWWER DE COURS AN D'UMELDUNG**
**FANNT DIR UM SITE WWW.112.LU**
**ËNNERT DER RUBRIK "FORMATION"**

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

**www.112.lu**

# Aktivitéiten an der Schoul

## Projet « Des PETITS gestes pour une planète en GRAND danger »













Wéi scho virun 2 Joer huet d'Angsber Schoul dëst Schouljoer 2022-2023 nees e Projet zesumme mat der ONG E.D.I. Madagascar gemaach. Dës Kéier sinn d'Cyclen 3 a 4 zesumme mat der ONG dem Theema „Des PETITS gestes pour une planète en GRAND danger" op d'Spur gaang. Wéi kënne mir hei zu Lëtzebuerg eis Kaf-, Konsum- a Liewensgewunnechten änneren, datt et een Impakt op d'Populatioun op der Insel Madagascar huet? Wat kënne mir nohalteg notzen, amplaz et einfach esou ewechzegeheien?

Eng éischt Reflexioun doriwwer hu mir gemaach, nodeems d'ONG eis e Film zum Theema gewisen huet, dee si extra fir dëse Projet gedréint huet.

Eng Woch méi spéit stoungen Atelieren zum Theema „Anti-Gaspi" um Programm, grad esou wéi d'Recycléiere vum Offall an d'Verwäertung vu platiks Fläschen.

Den Ofschloss vum Projet huet um Burfelt (um Stau) stattfonnt, wou mir mat der „anf" (Administration de la nature et des forêts) Spiller zum Theema Nohaltegkeet gemaach, an eis hir Ausstellung ugekuckt hunn. Hei huet E.D.I. Madagascar eis an der Mëttesstonn e lecker gegrillte Wupp zum beschte ginn.















ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

# Visitt Kläranlag



Op Invitatioun vun eiser Gemeng hunn d'Schoulkanner vun de Cyclen 3 a 4 den 28. Abrëll 2023 un enger Visitt vun der neier Kläranlag zu Fëschbech deelgeholl.

Déi Responsabel vum SIDERO hunn eis duerch d'Raimlechkeeten an d'Baussenanlage gefouert, erklärt, wéi dee ganzen Oflaf vun der Waasseropbereedung fonktionéiert, an op eis Froen geäntwert. Duerno huet d'Gemeng e Patt spendéiert.

Mir soen der Gemeng MERCI, datt si et eis erméiglecht huet, en Abléck doranner ze kréien, wat mat deem Waasser geschitt, wat mir all Dag verbrauchen.











# Um Bauerenhaff

E Méinden, den 10. Juli 2023 ass de Précoce aus der Angsber Schoul op Waldbëlleg op de Bauerenhaff gefuer.

Hei duerften d'Kanner aktiv bei allen Aufgaben hëllefen, Déiere fidderen, kieren a probéieren, wéi een eng Kou sträicht.

Si haten e flotten an opreegenden Moien um Haff mat Picknick a schéinem Wieder.









# Visite bei de Pompjeeën - Cycle 1






Mir waren de 15. Juni 2023 bei de Pompjeeën zu Schous op Besuch. Mir hu ganz interesséiert nogelauschtert. Déi verschidde Pompjeeën hunn eis gezielt, wat zum Beispill e Pompjee alles undoe muss, wann en op een Asaz muss, oder wat alles sou an engem Pompjeescamion ass.

Mir duerfte souguer mat engem richtege Schlauch e "Feier" läschen. Mir sinn immens frou an dankbar, dat mir sou léif empfaange goufen.





























# Spendelaf E.D.I. Madagascar












| Angsber Schoul |










# EMIL UND DIE DETEKTIVE



De grousse Kannerklassiker „Emil und die Detektive“ vum Erich Kästner stoung dëse Summer als Musical op der Affiche vum Festival de Wiltz. Dat huet de Cycle 3 sech net entgoe gelooss, a si hu sech séier bäigemaach, fir Tickete fir dës Manifestatioun ze besuergen.

Mir hunn e ganz flotten (zimmlech kale) Moie mam Ensemble vum Theater Trier zu Wolz verbruecht, ier et mam ëffentlechen Transport nees a Richtung Angelsbierg gaang ass.

















# Ausflug - Heringer Millen

De ganze Cycle 1 war zesummen op der flotter Spillplaz Heringer Millen. Mir hate vill Spaass beim Kloteren, Rutschen, Klunschen, Spillen a beim Piddelen am Waasser.

















| Angsber Schoul |



# SCHOULRALLYE 2023




























# Schoulausfluch op de Buerfouss-Pad



Mëttwochs, den 28. Juni 2023 sinn all d'Kanner aus dem Cycle 1 vun der Angsber Schoul zesumme mam Bus bis bei de Camping Kéngert gefuer. Do sinn si fir d'éischt mat plakege Féiss duerch de Bësch an iwwer allerlee spannend Material aus der Natur getréppelt an zum Schluss souguer nach duerch Bulli a Waasser. Am Uschloss hu si gutt op der flotter Spillplaz gespillt an ee leckere Picknick giess. Als Dessert gouf et eng gutt Glace an du sinn si zu Fouss duerch de Bësch bis erof an d'Fiels getréppelt. Ei wat fir ee flotten Dag!








CYCLE 4.2





# Coupe Scolaire

Wie alle zwei Jahre gab es dieses Jahr auch wieder eine Coupe Scolaire in der Angsber Schule. Wir mussten eine theoretische Prüfung bestehen, einen Geschicklichkeitskurs und eine praktische Prüfung im reellen Straßenverkehr fahren.

David a Noah







| Angsber Schoul |









# Yep Schoulfoire
## Beweeglechst Klass







Mir si mam ëffentlechen Transport op d'YEP Schoulfoire op de Kierchbierg gefuer, wou mer vill iwwert déi verschidde Lycéeën an ënnerschiddlech Beruffer gewuer gi sinn. Mir hunn awer och um Concours fir déi "beweeglechst Klass aus dem Land" deelgeholl. Hei si mer mat Vëloen ee Parcours gefuer, sinn iwwert Këschte gesprongen, iwwert Balke balancéiert an hunn eis fir eng Minutt un eng Jeans gehaangen.

Mir ware megafit an hunn eis géint 20 aner Klassen duerchgesat. Als éischte Präis krute mer fir eng Woch ee risegt Sprangschlass geléint an och een Diplom.

Mir waren ganz houfreg wéi den Ierfgroussherzog Guillaume eis zu döser Leeschtung gratuléiert huet a mir zousätzlech ee Präis vun eiser Gemeng bei der Sportleréierung zu Nationalfeierdag kruten.

Nolan an André







De 7. Juni 2023 huet den Ierfgroussherzog Guillaume de Cycle 4.2 bei hirer Liesnuecht an der Angsber Schoul iwwerrascht, fir hinnen, der sportlechster Klass aus dem Land, ze gratuléieren.

# Olympiadag



Nodeems mir déi sportlechst Klass gi sinn, hu mir um Olympiadag deelgeholl. Bei guddem Wieder hu mir hei vill Sportaarten ausprobéiert, wie zum Beispill:
- Hockey
- Mountain Bike
- Paralympics
- Taekwondo
- Judo

No engem gudde Mëttegiessen, hu mer weider Sport gemaach a si mam ëffentlechen Transport rëm heemgefuer.



Et war ee flotten Dag!

Kathi a Nahima














# OFSCHLOSSKOLONIE ZU DURBUY

Fir hir Kolonie, sinn d'Kanner aus dem Cycle 4.2 mam ëffentlech Transport bis op Durbuy gefuer. Eis Vëloe si vun engem Gemengenaarbechter mat der Camionnette gefouert ginn, fir och dohanne mobil ze sinn. Mir si Kayak gefuer a mir waren an d'Adventure Valley. Do si ganz vill Kanner vum FreeFall gesprongen. Owes hu mir alleguer gehollef, ze kachen, den Dësch ze raumen an duerno gouf nach e bëssen dobausse gespillt.

Insgesamt war et eng ganz aktiv Kolonie a mir si 85 km mam Vëlo gefuer. Een Owend hate mir souguer ee Glacier virun der Dier stoen, bei deem mer eng mega gutt Glace giess hunn. Owes hu mir zweemol zesumme gekacht, mir sinn awer och an de Restaurant gaang oder mir hunn Iesse bestallt. Een Owend hu mir och eng Challenge gemaach, wien am séiersten een Dickmann ouni Hänn iessen kéint. Do huet d'Iris gewonn.

Moies fréi ware mer Bréidercher bei de Bäcker sichen.

Dee leschten Owend hu mir mat enger Party owes ofgeschloss.

Merci fir déi flott Kolonie!

Johan an Iris










# Ausstellung Déieren aus dem Bësch




Eise Fierschter Oli huet an der Schoul zesumme mat sengen Aarbechter eng impressionant Ausstellung mat villen Déieren aus dem lëtzebuerger Bësch opgeriicht. De Cycle 4.2 huet sech am Virfeldzu den ënnerschiddlechen Déieren informéiert an se duerno den ënnerschiddleche Klasse virgestallt. Déi opgestoppten Déieren waren immens faszinéierend an et war schwéiere erëm aus dem Sallze goen. Et war flott, d'Déiere vu sou no kuckenze kënnen.

Xavier an Emma

















# SPENDELAF FIR EDI MADAGASCAR

Am drëtten Trimester hunn souwuel de Cycle 3 wéi 4 un ënnerschiddlechen Atelieren zum Thema Nohaltegkeet deelgeholl, déi ënnert anerem vun der ONG EDI Madagascar organiséiert goufen.

Fir d'Schouljoer 2022-2023 ofzeschléissen huet de Cycle 4.2 ee Spendelaf organiséiert. Et war ee ganz flotten Dag an insgesamt hu mer 7306 Euro konnte sammelen an hunn dës och integral un d'ONG gespent.

Mir soen de Kanner a Spender Merci, datt si eis ënnerstëtzt hunn.

Chiara



















# SCHOULFEST 2023





































Fotoen: Tom LUCAS





# Aktivitéiten am Kuebenascht

## Summerzäit an eisem Gaart

**Iwwert de ganzen Summer hunn mir ganz schéin vun eisem Gaart profitéiert. Am Alldag gouf en richteg schéin preparéiert: vun Trakteren, Bobbycaren an Schubbkaren bis hin zu der Bulliskichen, den Poppenkutschen an der Sandkëscht war alles dobäi.**

Fir déi Kleng gouf en ofgetrennten Beräich preparéiert, an deem si ongestéiert spillen konnten. Och en klengen Kuscheleck fir sech zeréck ze zéien, auszerouen oder en Buch ze kucken war virgesinn.

Bei der Sandkëscht stoungen d'Bulliskichen an Dëscher, zesummen mat den Pëppercher an den Poppenkutschen, fir dass d'Kanner hei net nëmmen am Sand bauen an schëdden konnten, mee och dem Rollespill nokommen konnten.

E Barfusspfad gouf reegelméisseg opgeriicht – hei duerften d'Kanner ausprobéieren wéi sech déi verschidden Materialien un hiren Féiss ufillen. Och Waasserspiller goufen oft ugebueden.



# Aktivitéiten bei de Kueben

## Show « Elements and Sky »

### Danz a Kostümdesign

**De Miro, d'Nelly an d'Lena haten enges Daags d'Idee Kostümer selwer ze designen an déi de Kanner aus der Maison Relais ze presentéieren. Séier hunn si weider Kanner fonnt déi motivéiert waren dorun deelzehuelen esou, dass de Projet „Elements and Sky“ entstanen ass.**

Sie hunn sech dunn zesummen dozou entscheet an hirer Show d'Themen „Elementer" (Feier, Waasser, Loft, Natur, Elektresch an Eisen) an „ Himmel" (Stären a Mound) duerzestellen.

Fir dëst firzweisen hunn d'Kanner sech vum Mäerz un all Mëttwoch a Freiden an der Mëttesstonn zesummegesat an hu ganz Konzepter opgestallt: Si hu verschidde Rollen an hirem Team verdeelt ( Organisateuren, Moderatoren, Stylisten, Dänzer), Kostümskizzen gezeechent, ee Flyer fir d'Show designt, Kostümer aus verschidden Stoffer entworf an sech mat hirem Thema ausernaner gesat. D'Zil war et säin Thema op eng kreativ Manéier op der „Bühn" auszedrécken. Fir all Optrëtt gouf eng passend Musek gesicht an dozou gouf eng Choreographie kreéiert, esou, dass d'Publikum Méiglechkeet huet vill verschidden Atmosphären ze erliewen.

E Mëttwoch, den 13. Juli 2023 war dunn endlech de groussen Dag! Voller Motivatioun a Freed hunn si hier kënschtleresch Präsentatioun de Kanner aus der ganzer Maison Relais virgefouert. Eis Moderatoren hunn mat enger flotter Introduktioun an enger klenger Ried d'Show ageleet an all Kand konnt dunn endlech seng eege Kreatioun präsentéieren.

D'Show ass mat enger Finale ofgeschloss ginn an där déi verschidden Elementer zesummekomm sinn. Dëst huet de ganzen Universum duergestallt.




















# SUMMER-AKTIVITÄTEN

**Och dëst Joer konnte Kanner aus dem Cycle 2 matbëstemmen wéi den Programm fiert Summeraktivitéiten soll ausgesinn. Niewt 2 Ausflich (Trampolini an Eifelpark) goufen Kreativ-Ateliers ugebueden wobei Kanner hir Phantasie konnten ausliewen sou wéi Sportsateliers, die sie sech gewënscht hun. Kanner goufen befrot wéi sie die verschidden Aktivitéiten erlieft hun:**





## Trampolini

Am beschten hat mir gefall, dat mir frei spillen a sprongen konnten am Trampolini. Als Ofschloss krut jidereen eng Glace a mir sinn mam Bus rëm zréck ant Maison Relais gefuer. Et war en flotten Dag.







## T-Shirts

Desen Atelier war flott, well mir eisen T-shirt selwer mat Faarf konnten sprayen an mir konnten selwer auswielen welcht Bild mir fir eisen T-shirt wënschen. (Motiver wéi: Ninja, Pokemon, Mario-Luigi, Päiperleken an Prinzessin).







## Zauberschoul am Platz vun Bësch

Dësen Dag war extra. Am Platz dat mir an den Bësch gaangen sin ,hu mir well't Wieder schlecht war, eng Phantasierees mat Spiller gemach. Mir goufen am Ufank alleguer a kleng Elfen verwandelt, déi an der verzauberten Maison Relais wunnen. Doropshin hu mir eisen eegenen Zauberstaf gebastelt an hun missen lauter kleng Spiller zesummen meeschteren fir dat den béise Fluch eis net fänkt.















## Eifelpark

Am Eifelpark war et cool.
Mir waren op vill Spiller wéi zb. d'Schaukelkarussel, een Parcours-Haus, verschidden Trampolins, ob en Boot an ob Knuppautoen.
Zum Schluss kruten mir eng Glace offreiert.



| Maison Relais |







## Photo-Day

Virdeicht hu mir eis en Thema rausgesicht, zb. Auto oder Mier.
Mir hunn du eng Rumm aus Kartong rausgeschnidden an dono dekoréiret.
Deko louch op engem Dësch a mir konnten alles selwer raussichen.
Dono gouf eng Foto vun all Kand gemach. Mir hun eis eng Position rausgesicht an konnten auswielen wat mir fir en Hannergrond fir eis Foto wollten.









## Sportsday

Et goufen 2 Gruppen gemach. 1 Grupp huet en Fussballsmatch gemach an den aneren Grupp huet en Parcours mam Basketball gemach. Do waren Hittercher wou en hat missen mam Ball drenner an driwer dribblen.







## Wéi eng Aktivitéiten waren um Programm? Wat huet dir am Beschten gefall?

## Hei ee puer Andréck vun den Kanner:



„In der Maison Relais haben wir sehr viel Spaß gehabt. Im Walygator war es am besten, aber Pizza backen, Batik, Spiegel und das Escape Game haben auch viel Spaß gemacht. Wir waren auch im Le-goraum, haben Völkerball und Fußball gespielt. Auf jedenfall habe ich und meine Freunde Betty, Chris und Elise uns sehr amüsiert. Danke liebe Maison Relais für die tollen Ferien und Abenteuer, die wir erleben durften."

Lena



Am Walygator waren mir an dräi Gruppen gedeelt. Eng fir déi, déi ne top alles wollten an zwou Gruppen, déi op alles wollten goen. An eiser Grupp sinn mir vill ronderëm gaangen. Mir sinn op vill Spiller gewiercht. D'Taassen an de Kettenkarusell huet jidderengem aus der Grupp gefall. Och op der Bootsfahrt war jiddereen dobäi. Zum Schluss hun mir eis en Souvenir oder eppes fir z'iessen konnten kafen.

Den éischten Ausfluch war an den Mierscher Park. Mir missten Kaarten sichen fir weider ze kommen. Op den verstoppten Kaarten waren Froen déi mir liesen missten. Mir kruten duerno all eng Glace an sinn rëm mam Bus an d'Maison Relais gefuer. Mir hunn nach vill mega flott Erliefnisser gehat.

Elise





Wir hatten viel Spaß in der Maison Relais. Wir haben sehr viele Aktivitäten durchgeführt, die sehr toll waren. Einen Pizzaofen haben wir gemacht und die Pizzas waren sehr lecker. Dienstags, der ersten Woche waren wir im Park in Mersch zum Rallye. Mittwochs waren wir in den Walygator, es war sehr cool. Wir haben auch Völkerball gespielt, was mir sehr gut gefallen hat. Das was mir am besten gefallen hat, war das Science Center, wo wir sehr viel über die Wissenschaft gelernt haben.

Chris









„Walygator hunn ech ganz cool fonnt. Mir konnten selwer entscheeden op wat mir ginn. Ech war beim Kevin am Grupp, wat ganz witzeg ënnerwee war an d'Kanner an Éducatueren waren ganz léif.
D'Pizza aus eisem selwer gebauten Pizzauewen war mega lecker.
Den Sportsdag war och immens flott an den Dag dono hat ech Muskelkater.
Den Science Center huet mir gutt gefall, well mir konnten elleng ënnerwee sinn an net als Grupp. Ech wollt onbedéngt an den Elektro-Raum goen an mir sinn och dohin gaangen.
Um Mediendag war den Greenscreen ganz interessant, well mir eisen Hannergrond konnten selwer wielen an mir eis Iddien konnten mat ran bauen."

Finn

Wir haben uns gut amüsiert in den Sommerferien in der Maison Relais. Die Kinder wurden größtenteils von Sabrina, Lara, Kevin, Mirela, Dylan, Alexa, Anne und Céline betreut.

Wir haben mit Sabrina einen Pizzaofen gebaut und als Zwischensnack eine Pizza gegessen. In den Walygator waren wir mit mehreren Betreuern und waren auf vielen Fahrgeschäften. Als die Kinder aus dem Cycle3-4 die Batik-T-Shirts und die Mosaik-Spiegel gefärbt und geklebt haben, war es interessant das Ergebnis zu sehen. Wir waren in den Merscher Park und haben dort ein Escape Game gespielt.

Wir sind dann noch Mittwochs in das Science Center gefahren und haben unter anderem gelernt wie man sich hinstellt, wenn es donnert und man draußen ist.
Am besten hat mir aber der Walygator gefallen. Auch wenn es mir nach der „The Monster"-Achterbahn ein bisschen schwindelig war.

Betty















# Generalversammlung vun der Entente vun de Veräiner aus der Gemeng Fëschbech

**28.04.2023 SCHOUS**

**Den 28. Abrëll 2023 hat d'Entente, no der Coronapaus, erëm eng uerdentlech Generalversammlung. Haaptthema war, wéi geet et weider mat der Entente? Brauche mer nach eng Entente? No laangen Diskussiounen, huet d'Generalversammlung festgehalen, dat et kee Wäert méi hätt d'Entente um Liewen ze halen. D'Veräiner an hir Memberen hu genuch Aarbecht am eegene Veräin a mussen, a wëllen sech net nach zousätzlech Chargen operleeën.**

Wat geschitt also mam Material wat d'Entente iwwert all déi Joren ugeschaaft a geréiert huet a wat geschitt mat der Keess? D'Gemeng Fëschbech huet als Léisung proposéiert fir d'Material z'iwwerhuelen a genee ewéi d'Veräinshaus dëst Material och an Zukunft eise Veräiner zu Verfügung ze stellen. Vun de Suen aus der Keess, soll dat bestoend Material nach emol gefleckt, respektiv Saachen déi feelen nokaaft ginn, de Rescht vun de Sue soll dann dem Office Social ze gutt kommen.

Um Ënn vun der Generalversammlung huet de Präsident Mike Daems dem Roland Miny nach mat engem klenge Cadeau Merci gesot, fir déi vill Joren, déi hien als Keessier geleeescht huet an uschléissend op de Patt invitéiert.

D'Entente ass entstanen duerch eng éischt grouss gemeinsam Aktivitéit. Den „Drootieselsbal" bei de nationale Stroossemeeschterschaften am Cyclissem de 24 a 25 Juni 2000, wou deemools 12 Veräiner gehollef hunn. D'Grënnungsversammlung wor awer eréischt e Joer méi spéit, den 10. Juli 2001. D'Gemeng seet der Entente Merci fir hiren Engagement am Sënn vun de Veräiner an am Sënn vum Gemengeliewen.





# Spargeliessen

## Senioreveräin

**07.05.2023 SCHOUS**



**D'Spargeliessen 2023 vum Fëschber Senioreveräin wor erëm e groussen Erfolleg. Dëst Joer hat de Veräin och den Apero fir Trakterchauffere vun der Albinusfeier organiséiert, esou dass Veräinshaus op deem Sonnden erëm gutt gefëllt wor.**



# 1. Meefeier mat Generalversammlung vun de Schéisser Wiichtelcher

**01.05.2023 SCHOUS**



**Ewéi all Joer hunn Wiichtelcher sech an der Säitert getraff fir de Meekranz ze maachen. Am Cortège ass et zeréck an Veräinshaus gaangen op e Patt mat engem gudde Maufel.**

Bei herrlechem Wieder ass dunn op der Terrasse déi uerdentlech Generalversammlung ofgehale gi, wou déi eenzel Berichter virgedroen a Wale fir de Comité ofgehale gi sinn. Haaptaktivitéite vum Veräin si Buergsonndeg, 1 Meefeier an den Trëppeltour. Nei Membere sinn ëmmer wëllkomm.

# 1. Mee an d'Generalversammlung

## Spuerveräin

**01.05.2023 FËSCHBECH & 02.05.2023 SCHOUS**

**Dëst Joer huet den Spuerveräin den 1ten Mee emol e bësschen anescht organiséiert.**

Eisen Meekranz hunn mir an der Fëschber Saitert beim Pavillon gebonnen. No der ustrengender Aarbecht hunn mir eis bei engem gudden Maufel vum Grill gestäerkt. Dono hunn mir den Kranz bei eis doheem, ech sinn den Präsident vum Veräin, opgehaangen.Esou wéi sech dat gehéiert hunn mir nach den en oder aneren Pättchen gedronk an den Dag gemittlech ausklëngen gelooss.

Den 2ten Mee wor dunn eis Generalversammlung am Veräinshaus, wou de Comité den Aktivitéits- a Keessebericht presentéiert huet an de Gemengevertrieder Luss Brosius e puer Wuert un eis geriicht huet.

*Roger KOLBER*





# Albinusfeier

## Kathoulesch Kierch

**07.05.2023 ANGELSBIERG**















# Passage Schleck Gran Fondo

**03.06.2023**



# Uergelconcert an oppe Kierchen

**04.06.2023 FËSCHECH**

**Ufank Juni wor déi 16. Editioun vum Weekend vun den oppene Kierchen. Dëst Joer stoung d'Manifestatioun ënnert dem Thema: Kleng Détailer, grouss Geschichten.**

Am ganzen haaten eng 66 Kierchen hei am Land hier Dieren fir de Public opgemat.

Och eis Par Miersch-hellege Franziskus huet beim Weekend matgemat, sou goufen zB d'Kierchen/Kapellen vu Pëtten, Miesdref, Biereng, Reckeng a Miersch feierlech an de Reseau vun den oppene Kierchen opgeholl.

Donierft haat awer och déi Fëschber Kierch, een Dag no der Daf vum Prënz François, Porte ouverte. An enger ganz feierlech geräschter Kierch huet nomëttes eisen Titularorganist Robert Depta e wonnerbare Concert mat Wierker vum Johann Sebastian Bach offréiert. Virun all Wierk huet den Organist dem interesséierte Public eng kuerz Aféirung an d'Stécker ginn. Nierft der ganz bekannter Toccata a ré mineur BWV 565, déi de meeschten Auditeuren bekannt wor, huet hien och méi bedächteg Stécker erausgesicht ewéi Allein Gott in der Höh' sei Ehr...e ganzt meditativt Musikswierk. Den Ofschloss huet Passacaglia an d'Fuge an ut mineur gemat, e Wierk dat dem Organist seng grouss Konzentratioun a säi ganzt Kënnen bewisen huet.

Nom Concert gouf eng Visite guidée vun der Kierch ugebueden an där d'Gäscht eppes méi iwwert déi grouss Fënster am Tuerm gewuer gi sinn. D'Fënster, déi vum bekannte Kënschtler Emile Probst entworf gouf an d'Patréinesch vu Stad a Land, mat dem Fëschber Schlass an der Silhouette vum Duerf weist, stécht voller Détailer. Besonnech ervirgehuewen gouf Duerstellung vun der Gëlle Rous, déi de Pobst Pius den XII. der Grande-Duchesse Charlotte, der Groussmamm vum aktuelle Grand-Duc Henri, 1956 fir hier Verdingschter ëm de Glaawen an ëm d'Lëtzebuerger Land geschenkt huet. D'Grande-Duchesse Charlotte haat eng ganz besonnesch Relatioun zu den Awunner vun eiser Gemeng an huet no hierer Ofdankung bis 1985, dem Joer vun hierem Dout zu Fëschbech gewunnt. Wéi d'Kierch 1957/1958 renovéiert gouf, haat sie der Kierch dës Fënster, déi vun den Ateliers Linster vu Munneref produzéiert gouf, gestëft.

*Chantal FOHL*













72






WAT WAR LASS ?

73

# Ausfluch

## Spuerveräin

**10.06.2023 SAARBURG**

**Den 10 ten Juni 2023 ass et op Schëff gaangen. Mir sinn gemittlech vun der Héicht aus mam Bus op Gréiwenmacher gefuer fir do un Bord ze goen. Mat der Marie Astrid sinn mir bei herrlechem Wieder bis op Saarburg geschippert. Verschidden Leit hunn esou guer vum Acrèmeservice vum Personal vun der Marie-Astrid profitéiert.**

Och déi léif Netmemberen, déi eis ëmmer erëm hëllefen bei der Organisatioun vun eiser Chou-croute, waren invitéiert. Leider haten si net alle-guer Zäit fir den flotten Dag mat eis op der Musel ze verbréngen.

*Roger KOLBER*
*Präsident*









# Härläicheprozessioun Meesebuerg

## Chorale & Kathoulesch Kierch

**11.06.2023 MEESEBUERG**













# Grillparty

## Senioreveräin

**6.07.2023 SCHOUS**



Am Juli hunn Senioren ëmmer hir Grillparty, wou een à volonté ka Gegrills an Zaloten iesse kommen, wat sech och dëst Joer nees vill Leit net huele gelooss hunn.











# Parfest

## Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**16.07.2023**

**De 16 Juli 2023 huet eis Chorale hiert traditionellt Parfest ofgehalen. Wéi all Joer, huet déi vill Aarbecht am Virfeld vum Fest hier Friichte gedroen.**

Mass an der Kierch zu Angelsbierg, déi bis op déi leschte Platz besat war, gouf vun der Chorale Kierchen-Beesslek gesongen.

De Festsall op der Héicht war gutt gefëllt, an all eis Gäscht waren zefridden an hunn sech Menüen, déi vun de Member vun der Chorale preparéiert goufen, gutt schmaache gelooss.

Merci soe mir der Gemeng fir de Festsall.
Merci all deene Léit déi eis ënnerstëtzen an ëmmer matschaffe wann Nout um Mann ass.
En ganz grousse Merci un eis Jugend. Sie sinn ëmmer do wann mir si brauchen.
Merci eise Sponsoren!

Mat engem Deel vum Erléis ënnerstëtze mir dëst Joer „Een Häerz fir Kriibskrank Kanner ASBL an de Kierchefong vun der Gemeng Fëschbech.

*Chorale*











# Jugendrallye

## Jugendpompjeeën

**08.07.2023 SCHOUS**

**Den Naturrallye vun de Jugendpompjeeën aus der Regioun Osten gouf dëst Joer an eiser Gemeng mat der Ënnerstëtzung vun der Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech organiséiert.**

Et haten sech 8 Mannschaften ugemellt, an déi konnten bei herrlechem Summerwieder e flotten Tour duerch eis Natur erliewen. Bei 6 verschiddene Kontrollpunkten hunn flott Spiller ob si gewaart. Hei hunn déi Jugendlech hir Kentnisser ënner anerem am Pompjeeswiesen missen ënner Beweis stellen. Virun der Präisiwwerreechung konnt nach jiddereen sech beim Grill stäerken a krut ee Gedrénks offréiert. Gewonnen huet d'Mannschaft vu Waldbëlleg, d'Jugendpompjeeën aus der Gemeng Fëschbech koumen op déi gutt 4. Plaz. Merci alle Kolleegen vum CIS Fëschbech an eiser Amicale, déi souwuel bei de Spiller ewéi och bei Verfleegung eng Hand mat ugepaakt hunn.

*Lucien KARIER*
*Sekretär Amicale Pompjeeën*
*Gemeng Fëschbech*











| Wat war lass? |

# Ofschlussübung virun der Summervakanz

## Pompjeeën

**11.07.2023 SCHOUS**

**D'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech haten den 11. Juli eng gemeinsam Übung mat de Pompjeeën aus de Fiels.**

Als Übungsobjekt war d'Kompostéierungsanlag zu Angelsbierg gewielt ginn an et gouf e Vegetatiounsbrand simuléiert. Et war ugeholl ginn datt d'Hecken ronderëm de Site Feier gefaangen hätten. Well trotz der neier Waasserleitung, déi laanscht d'Anlag leeft, sech keen Hydrant an der direkter Ëmgéigend befënnt, ass e Konzept geprouft ginn, d'Waasser aus dem ugrenzenden Retentiounsbasseng an ee „Faltbecken" vum CIS Fiels ze pompelen, fir esou genuch Läschwaasser ze hunn. Bei dëser Übung waren och déi Verantwortlech vun der Sidec present.

No der Übung hunn d'Pompjeeën, déi un der Übung deel geholl hunn, sech nach all am Veräinshaus getraff. A wéi et Traditioun bei der leschter Übung virun der Summervakanz ass, gouf eppes op de Grill geluecht an nach e Patt zesummen gedronk.

*Lucien KARIER*
*Chef CIS Fëschbech*








# De Fléiepëlz

**„Wéi eng gëfteg Mouk op hirem Fléiepëlz huckt hei en ale Knouterwiichtel an sengem Grant a katapultéiert onappetitlech Pefferkären an nostalgesch Kamellen iwwer d'Remparte vum politesch Korrekte mëtten an seng kathoulesch Heemecht, duer, wou se am lëtzebuergeschsten ass.**

Mee hannert deem Knouterer verstoppt sech en Auteur, deen seng Lieser ëmmer erëm mat engem Gemësch vun Tatsaachen a Fakenews hannert d'Liicht féiert an se mat neien ale Wieder respektiv „richtegen" a „falschen" Ausdréck veronsécheret."

De Pit Schlechter vu Schous huet en interessant Buch geschriwwen, „De Fléiepëlz – E Lëtzebuerger Orbis Pictus". Dat Buch ass esouguer esou gutt dass de Pit virun de Walfer Bicherdeeg am November 2022, de Lëtzebuerger Buchpräis an der Kategorie Literatur kritt huet. Den 20. November 2020 sinn ech dunn och zu Walfer um Pit sengem Stand passéiert fir mer e Buch mat Widmung vum Auteur perséinlech ze sécheren. Wien leider do keent krut, kann dem Pit säi 120 Säiten deckt Buch awer nach an all guddem Bicherbuttek kafen. (ISBN 978-2-919781-41-6)

De Pit gouf den 29. Januar 1949 gebuer an ass um Lampertsbierg grouss gi. Nom Jongelycée huet en um Cours Universitaire zu Lëtzebuerg an duerno op der Uni zu Saarbrécken Germanistik a Romanistik studéiert a mat der Promotioun zum Dr. phil. säi Studium ofgeschloss. An senger Dissertatioun huet en sech mam Lëtzebuerger Veräinstheater beschäftegt.



www.artsetmetiers.lu
©LAM//wbd pit-schlechter








Spéider huet en als Däitschprofesser geschafft. Zënter senger Pensioun ass e fräie Mataarbechter am LOD – dem Lëtzebuerger Online Dictionnaire. De Pit huet awer nach vill aner Hobbyen niewent der Natur an den Déieren, stoung hien och schonns oft op der Bühn bei eisem Theaterveräin.

Zum Schluss nach e klengt Zitat vum Pit: „Wichteg ass net den Inhalt, mee d'Aart a Weis wéi een den Inhalt erëmgëtt."

*Luss BROSIUS*



# Kanddaf vum Prënz François

**03.06.2023 FËSCHBECH**







©Maison du Grand-Duc, Sophie Margue





**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Jeudi de 08h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00**
**les autres jours: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
daniel.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Jessica DURIEUX (à partir du 1.10.23) 32 70 84 - 25
jessica.durieux@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER (à partir du 1.10.23) 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
MOLITOR Olivier 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Léif Leit,
wann dir Loscht hutt fir beim Gemengeblat een Artikel ze schreiwen, kënnt dir Iech bei eis mellen *gemengeblat@acfischbach.lu.*

Léif Veräiner,
Mailt eis w.e.g. d'Fotoen a Berichter vun den Aktivitéite bis den 30/11/2023 op *gemengeblat@acfischbach.lu.*

Mir géifen eis doriwwer freeën se an der nächster Editioun vun eisem Gemengeblat ze veröffentlech!

Denkt och weg. dorunner eis bis dann d'Datume fir den Agenda 2024 matzedeelen.



**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu